


04. Februar 2023 / 62

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Den JFA huet fir 2023 d'Aktioun gestart "KANNER HELLEFEN KANNER". Dës Aktioun ass fir e gudden Zweck a den ganzen Erléis gëtt integral un eng gemengnëtzeg Organisatioun déi mat Kanner schafft.



**Lëtzebuerger Jugendpompjeeën**

**Kanner hëllefen Kanner**

**MERCI !**

**6.- €**

Mir soen iech elo schonns alleguerten MERCI fir Ënnerstëtzung vun eiser Aktioun. Wou krit dir eis BIC'er? Direkt beim Keessier resp. iwwert är Regionaljugendleeder.

**Merci am Numm vum JFA!**

Wëssenstester: Hei pur Daten fir an ären “Save the Date”.

| Datum | Zone | Wou |
|---|---|---|
| 25.03.2023 | SUDEN | Bettembourg |
| 22.04.2023 (moies) | ZENTRUM | (Mamer?) |
| 22.04.2023 (mëttes) | NORDEN | Weiswampach |
| 17.06.2023 (moies) | OSTEN | (Junglinster?) |
| 11.11.2023 (moies) | OSTEN | (Consdorf?) |
| 18.11.2023 (moies) | ZENTRUM | Lintgen |
| 18.11.2023 (mëttes) | SUDEN | SaDiff |
| ? | NORDEN | Norden |
| | | |
| 09.12.2023 | No-Test | Lintgen |

**INFO’EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

*De Link zu der Newsletter:* *https://gd.lu/cgGnPC*

*De Link zu der Newsletter:* *https://gd.lu/6HQ3z*

# De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet

Am Joer 2022 sinn eng 75 Jugendpompjeeën an d’Réien vun den operationellen Pompjeeën erop gewiesselt.
Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d’Jugendpompjeeën ab elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d’Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d’Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D’Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

**«Rekrutéierungsdeeg» 2023:**
Donneschdes, 23. Februar
Samschdes, 25. Mäerz
Donneschdes, 27. Abrëll
Samschdes, 13. Mee
Donneschdes, 29. Juni
Samschdes, 29. Juli
Donneschdes, 31. August
Samschdes, 30. September
Donneschdes, 26. Oktober
Samschdes, 25. November
Donneschdes, 14. Dezember

D’Rekrutéierungsdeeg fannen ëmmer am Centre national d’Incendie et de Secours statt.

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**

*Weider Changementer am Beräich Jugend:*
Beim Examen initial (EI) am STP fällt d’fiche catégorie emploi ewech. Des muss just nach bei enger widderhuelter Ënnersichung (engem examen périodique) ausgefëllt ginn.
Fir weider Froen kënnt Dir Iech gär un Departement vun de fräiwëllege Pompjeeën wenden.

**https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html**

# FEEDBACK > Ënnerwee duerch déi 4 Regioun

Hei ass ewéi versprach no alleguerten den Reuniounen uechter Land een éischten Feedback:

Déi 3 Acteuren (DPV, INFS-JP a JFA) hunn sech den 18. Januar 2023 tëschent 13.00 a 17.00 Auer gesinn. Wat stoung um Programm:

**1. Persönliche Einschätzung der Zonenversammlungen**
**2. Vorlesen und kommentieren der Feedbackkarten**
**3. Feedbackgruppierung nach Arbeitsfelder**
**4. Zuständigkeiten der Arbeitsfelder**
**5. Nächste Schritte**

Als éischt hunn alleguerten Acteuren hiren Feedback zu deenen Reuniounen ginn, wou schnell kloer war, dass an allen Aschätzungen eng Iwwerschneidung war.

Uschléissend stoung eng Auswäertung vun deenen villen Feedback-Kaarten un an eng Selektioun gouf erstallt:

- Wissenstest;
- Didaktisches Material;
- Ausbildung von den Kindern und Jugendlichen;
- Elternarbeit;
- Uniform;
- DMS;
- Versicherung;
- Kommunikation;
- Administrative Dinge;
- Wertschätzung.

Ausgeklammert gouf fir een éischten Moment Kommunikation, Administrative Dinge a Wertschätzung. Net, dass mir, d.h. de Grupp, des Saachen net ugoen wëllen, mä hei soll nach méi déifgräifend drun geschafft ginn. Hei wäerten et nachmol Reuniounen ginn fir genau ob är (Monitricen & Moniteuren) Bedürfnisser anzegoen.

*Eng Saach gouf awer direkt a Saachen Kommunikatioun geännert, d.h. DPV wäert an Zukunft alleguerten hir E-mailen un den CCIS an och un den CUJP schécken.*

Follgend Themen goufen mat Averständnes vun deenen 3 Acteuren erausgeholl, d.h.

- Urlaub und Vergütung;
- Aktivitäten;
- Transport;
- Werben von neuen Jugendfeuerwehranwärter/ Jugendfeuerwehranwärterinnen

Zäitno ginn follgend Themen behandelt:

Wëssenstest:
Iwwert Inhalter wäerten mir an eisen JFA-Newsletter informéieren;

Didaktesch Material:
Bis Enn 2023 wäert INFS-JP Material aussichen an den Moniteuren zur Verfügung stellen.

Ausbildung:
Bis Enn 2023 wäert INFS-JP sech mat den Zonen zesummen setzen a gemeinsam iwwert Ausbildungs-Inhalter fir Monitricen, Moniteuren, Adjointen a Helfer diskutéieren an ausschaffen.

Elterenaarbecht:
Hei wäert 2024 eng FOCO JSP Elterenaarbecht ugebueden ginn.

Uniform:
Hei wäert intensiv zesummen geschafft ginn fir den Wiessel vun den Jugendpompjeeën bei déi Operationell sou einfach ewéi méiglech ze maachen. Duerch Opmaachen vum Fast Track fir d’Jugend ginn vill Problemer geléist.

DMS:
Hei wäert sech DPV dreems këmmeren, d.h. zäitlech Problemer duerch verschidden Schoulzäiten am Land. Informatiounen ginn hei gesammelt a weider ginn um DMS.

Assurancen:
JFA wäert hei nachmol Informatiounen sammelen an bis Abrëll 2023, AG JFA 28.04.2023, klären.

Weider Schrëtt:
Nächst Reunioun vum Grupp Ufank Abrëll 2023. Och soll geplangt ginn an der Zäit Mëtt November bis Mëtt Dezember 2023 nachmol an Regiounen ze goen a dëst mat der DMS.



# SITE MOBILE
## JUGENDPOMPJEEËN




**Wolz**

**2.3.2023 /// Nomëttes**

**Centre National d'Incendie et de Secours CNIS**

**28.3.2023 /// Nomëttes**

**Wann Dir äert Kand wëllt fir d'medezinesch Ënnersichung umellen, kennt Dir Iech an eisem Sekretariat STP mellen**

**Tél.: +352 49771 2411**
**E-mail: dms-sante@cgdis.lu**

Fir e medezinesche Rendez-vous am STP ze plangen, rufft w.e.g. um 49771 2411 un, Méindes-Freides vu 09.00-12.00 an 13.00-15.30 Auer.

Centre National d'Incendie et de Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg

@cgdislux

## THEMEN AM WESSENSTEST

| Thema FIS I.1 |
|---|
| Trink- und Löschwasserversorgung |
| Wasserführende Armaturen & Schlauchkunde & Saugleitung |
| Fahrzeugkunde |
| Fußdienst (mündlich) |
| Umgang mit Funkgeräten (Teil1) (mündlich) |
| Leinen, Knoten und Anschlagmethoden (Teil1) (mündlich) Kniet: 8ter & Mastwurf ohne Sicherung |

| Thema FIS I.2 |
|---|
| Brennen und Löschen |
| Gefahren an der Einsatzstelle und Unfallverhütung |
| Löschlehre Schaum |
| Umgang mit Funkgeräten (Teil2) (mündlich) |
| Leinen, Knoten und Anschlagmethoden (Teil2) (mündlich) |

Verbesserten Formular ass ze fannen:

https://www.jugendpompjeeen.lu/wp-content/uploads/2023/01/202301_Antrag-zur-Teilnahme-am-Wissenstest-K5_5.pdf

Nei bei Dynaforms:

Zesummen, d.h. DMS, INFS-JP a JFA, ausgeschafft gouf fir eis Jugendsektiounen e Formular:

Médical et Santé > Formulaires > Questinnaire medicale jeunes pompiers DE oder FR

“Fragebogen zur Gesundheit des Jugendfeuerwehr-Anwärters zur Jugendübung”
“Questionnaire de santé jeunes-pompiers pour les activitées”

Des weideren sief gesot, dass och nach un engem Formular geschafft gëtt wann Jugendlech op e Camp ginn.




**+++Léiere Liewe retten+++**

A Noutsituatioune richteg Handelen an éischt Hëllef leeschten ass essentiel fir Liewen ze retten. Leier och du ze hëllefen a komm an een 1. Hëllefs Cour.

Detailer an obligatoresch Umeldung um:
https://cours.cgdis.lu/online/www/nav_content/modules/DEU/index.html

**Diplomiwwereechung CGDIS Esch-Belval**
30.03.2023

**Nationaler Schwammmeeschterschaft**
26.03.2023 in Diekirch

**AG FNP & JFA**
28.04.2023 in der Region Osten -> Kulturhaus Syrkus,
20, route de Luxembourg L-6910 Roodt/Syr

## Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:

Lentgen



Regional Wanterwanderungen, d.h. 21.01.2023 am Zentrum (Lentgen) a 28.01.2023 am Süden (Beetebuerg). Hei e pur flott Impressiounen 😉.



Beetebuerg







Gemeng Réiser:




Zu Peppeng bei der Spillplaz an der Rue Jean Jaminet kënnt Dir um Traffo en neit Konschtwierk bewonneren.






Gemeng Habscht:

Ee Merci fir di engagéiert Jugendpompjeeën. Den 13.01. ass d'Ekipp vum CIS Habscht mat hirer Receptioun fir Neijoerschdag offiziell an dat neit Joer gestart. Am Asazzenter zu Äischen krute bäi der Geleeënheet d'Jugendpompjeeë wéi all Joer a Presenz ë.a. vum Schäfferot, dem neie Chef de Centre Jérôme Fischbach souwéi dem Jugendchef Gilles Hutmacher vun der Gemeng als Unerkennung fir hiren Engagement ee praktesche Rucksak iwwerreecht.






Koler Pompjeeën:



Mëtt Januar hat mir mat eise Jugendpompjeeën eis éischt Jugendübung. Traditionell fänke mir d'Joer mat eise Jugendpompjeeën ëmmer mat engem Kachatelier un. Dëst Joer stounge Kniddele mat Wäinzoossiss a Moschterzooss an als Dessert Panescher um Menü.



CIS Buurschent:



Spilleresch hu mer eis ob der drëtter Übung fir dëst Joer un de Funk getraut op eise Lego-Konstruktioune wuel gelongen an eis Funkspréch verständlech waren?



CIS Réiden:

Mir haten rëm eng Jugendübung wou et am Ufank mat Foussdingscht ungaangen ass an duerno mat 2 Equipen 1 Equipe mam Thema eng Person mam Spinebord an Stifneck aus engem Auto eraus zehuelen 2 Equipe hunn dei mei kleng gewisen kritt waat een alles brauch vir een Ugrëff mat Schaum oder ouni sou brauch.





CIS Rambrouch:



Elo ass den éischte Mount am Joer 2023 scho bal op een Enn gaangen an natierlech koumen eis Jugendpompjeeën net derlaanscht sech erëm um Riesenhaff ze treffen. Wärend zwee Sonndiger hunn eis zwou Jugendpompjeeësgruppe fläisseg am SAP-Beräich (Secours à personnes) an am FIS-Beräich (Formation Incendie-Sauvetage) geschafft.

Eis Jugendpompjeeën hunn ënner anerem a folgenden Themae geschafft: stabil Säitelag an d'Reanimatioun, wei och wasserführende Armaturen an d'"Entdecken" vum Feier.
Eis Jugendpompjeeën, wéi och hier Cheffen an d'Helfer, freeën eis op ee coolt a spannend Joer.








CIS Schifflange:

Den 14.01.2023 haaten éis Jugendpompjeeën zu Schëffleng rem hier éischt Übung, um Programm stoung fir sie, d'Handhabung mam Funk an och d'Waasserversuergung, vun engem Ënnerfluerhydrant op den HLF.

https://echwellechkann.lu/lu/

GEWALT ËNNER JUGENDLECHEN A GEWALTVIDEOEN DÉI ONLINE ZIRKULÉIEREN, SINN HAUTZEDAAGS LEIDER ZUR REALITÉIT GINN. DËSE PHÄNOMEN FEIERT NET JUST ZU ANGSCHT A VERONSÉCHERUNG ËNNERT DE JUGENDLECHEN, MEE ET KREÉIERT OCH EEN FALSCHT BILD VUN DE JONKEN.

## ZESUMME GÉINT GEWALT: ÄR HËLLEF ASS GEFROT

IWWERZEEGT DOVUNNER DASS DÉI JONK EEN DEEL VUN DER LÉISUNG SINN FIR GÉINT DËSE PHÄNOMEN VIRZEGOEN, GOUF DEN **CHALLENGE 50** PROJETE GÉINT GEWALT LANCÉIERT.

BIS DEN **30. JUNI 2023** KËNNEN D'JUGENDHAISER AN D'JUGENDSERVICER PROJETEN ERASCHÉCKEN, DÉI ZESUMME MAT HIRE JONKEN REALISÉIERT GOUFEN AN IERGENDENG FORM VU GEWALT THEMATISÉIEREN. D'ZIL ASS ET DËS PROJETEN NO BAUSSEN HIN ZE WEISEN AN ZE VALORISÉIEREN.

**SIDD DIR PRETT FIR DEN CHALLENGE 50?**

**MÉI INFOS OP ECHWELLECHKANN.LU**

LA VIOLENCE CHEZ LES JEUNES ET LES VIDÉOS DE VIOLENCE CORRESPONDANTES QUI CIRCULENT EN LIGNE SONT MALHEUREUSEMENT DEVENUES UNE RÉALITÉ AMÈRE DE NOS JOURS. CE PHÉNOMÈNE PROVOQUE NON SEULEMENT LA PEUR ET L'INSÉCURITÉ CHEZ LES JEUNES, MAIS IL CRÉE ÉGALEMENT UNE FAUSSE IMAGE DE LA JEUNESSE.

## ENSEMBLE CONTRE LA VIOLENCE : VOTRE AIDE EST DEMANDÉE

CONVAINCUS QUE LES JEUNES FONT PARTIE DE LA SOLUTION POUR LUTTER CONTRE CE PHÉNOMÈNE, LE **CHALLENGE 50** PROJETS CONTRE LA VIOLENCE A ÉTÉ LANCÉ.

JUSQU'AU **30 JUIN 2023**, LES MAISONS DE JEUNES ET SERVICES POUR JEUNES PEUVENT SOUMETTRE DES PROJETS RÉALISÉS ENSEMBLE AVEC LEURS JEUNES ET TRAITANT DE QUELQUE FORME DE VIOLENCE QUE CE SOIT. L'OBJECTIF EST DE MONTRER ET DE VALORISER CES PROJETS À L'EXTÉRIEUR.


**ÊTES-VOUS PRÊTS POUR LE CHALLENGE 50 ?**

**PLUS D'INFORMATIONS SUR ECHWELLECHKANN.LU**

CHALLENGE 50

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Service national de la jeunesse

# CHALLENGE 50



**50 PROJETE GÉINT GEWALT ËNNER JUGENDLECHEN**

50 PROJETS CONTRE LA VIOLENCE ENTRE LES JEUNES

CHALLENGE 50

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Service national de la jeunesse

# Sief och du ee wichtegen Deel vun eiser Hëllefs-Aktioun!




Lëtzebuerg Jugendpompjeeën hunn sech Gedanke gemaach ewéi ee kéint d'Kanner zu Lëtzebuerg am beschten hëllefen esou dat all bedeelegten eng Erënnerung behält. Et louch eis um Häerz dat d'Erënnerung eppes soll si wat alldeeglech benotz ka gi vu Grouss a Kleng.

Ee 4 faarwege Bic mam Sprëtzi drop huet eis am mëschten iwwerzeegt. Esou dat mir eis d'Ziel gesat hunn mindestens 4000 Stéck, fir de gudden Zweck, bis Enn Juli ze verkafen. Um Bic ass net nëmmen eisen Numm a Moto ze gesi mee och eise Begleeder de Sprëtzi.

De kompletten Erléis geet un 2 Associatiounen di Kanner zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Eis ass wichteg dat dëst Geld integral un Kanner geet fir hinnen eng besonnesch Freet ze erméiglechen.

Natierlech wäerte mir iech reegelméisseg iwwert de Verlaf vun der Aktioun informéieren. Och wäerte mir iech zu engem spéideren Zäitpunkt am Joer iwwert d'Uwendung vun der Spend an deenen zwou Associatioun opklären.

Fir de Präis vu 6 € kënnt dir esou ee Bic kafen an eis Jugendpompjeeë bei der Aktioun ënnerstëtzen. Bic'er kritt dir beim Jugendleeder vun ärem Asazzenter oder beim regionale Jugendverband.

Mir soen iech elo schonns Merci fir är wäertvoll Ënnerstëtzung.

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**